N° 7266
Entrée le 23.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch, Sam TANSON, op d'parlamentaresch Fro N° 7266 vum 30.11.2022 vum honorabelen Deputéierten, Sven CLEMENT, iwwert den SCAS**

2016 ass um SCAS eng nei Direktioun en Place gesat ginn, déi zenter deemen eenheetlechen Moossstab agefouert huet, wat d'Entréen an d'Sortien vun den Dossiere ugeet. Dofir ass et eréicht zenter deem Moment méiglech d'Unzuel vun den Dossiere mateneen ze vergläichen.


2016 war och e kruziale Moment fir de SCAS, well Enn 2016 en Audit gemaach gouf. An der Suite dovunner kruut de SCAS 2017 eng grouss Unzuel un neiem Personal zougedeelt.

1. Opgeléscht pro Joer, wéi huet d'Unzuel vun de Fäll an Dossieren, ëm déi sech de SCAS këmmert, zënter 2010 verännert?

   De SCAS huet 2 Sektiounen, déi sech am Kader vum Jugendschutz, ëm Mannerjäreger an hir Familien këmmeren.


   D'Sektioun vun den Enquêtes sociales : d'Agenten vum SCAS déi en Charge vun engem Dossier sinn, maachen eng komplett Bestandsopnam vun der Familiesituatioun, huele Kontakt mat dem Ëmfeld op fir dem Jugendriichter/Parquet-Jeunesse en objektiven Rapport kënnen ze machen. Et handelt sech hei em eng "Missioun à court terme".

| **Section des enquêtes sociales** | **2016** | **2017** | **2018** | **2019** | **2020** | **2021** | **2022 (jusqu'au 01/12/22)** |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Total des demandes reçues | 1112 | 1062 | 1461 | 1677 | 1769 | 2020 | 1818 |
| Mineurs concernés | 1823 | 1753 | 2466 | 2743 | 2807 | 3229 | 2853 |
| **280 des 1808 demandes réceptionnées en 2022 n'ont pas encore pu être attribuées à un agent.** | | | | | | | |




D'Sektioun vun den Assistances éducatives : d'Agenten kréien duerch e Geriichtsurteel vum Jugendriichter d'Missioun d'Evolutioun vun engem Mannerjäregen an senger Famill ze suivéieren an eventuell Konditiounen, déi de Jugendriichter a sengem Urteel gesprach huet, ëmzesetzen. Hei handelt et sech ëm eng " Mission à moyen et long terme " déi esou laang dauert bis d'Famill d'Hëllef net méi brauch oder bis de betraffenen Mannerjäregen d'Majoritéit erreecht huet.

| Section des assistances éducatives | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 **(jusqu'au 01/12/22)** |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Nombre de familles | 951 | 903 | 830 | 830 | 814 | 807 | 797 |



2. Wéi vill Persoune sinn zënter 2010 bei den Effektiv vum SCAS dobäi komm?

De SCAS huet 5 verschidden Servicer : Service de la protection de la jeunesse – Service aux affaires familiales – Service des tutelles – Service de probation – Service d'aide aux victimes.

Déi total Unzuel vum Effektiv vum SCAS (net nëmme vum Service de la Protection de la Jeunesse mee vun all de Servicer) ass déi folgend:

***Cadre SCAS autorisé ETP*** *(toutes carrières confondues)* ***:***

| Année | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| ETP | 78 | 77 | 95 | 104 | 110,5 | 113,5 | 119 | 124,75 |

D'Unzuel vun den aktuell besaten ETP vun der Sektioun vun den Enquêtes sociales an der Sektioun vun den Assistances éducatives sinn déi folgend :


***Cadre de la section des enquêtes sociales:***

| Section des enquêtes sociales | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 (jusqu'au 01/12/22) |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Agents (ETP) | 18,25 | 19,5 | 29,13 | 31 | 31 | 37,8 | 34,9 |
| Demandes traitées | 1030 | 1162 | 1445 | 1618 | 1764 | 1882 | 1757 |

***Cadre de la section des assistances éducatives:***

| Section des assistances éducatives | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 (jusqu'au 01/12/22) |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Agents (ETP) | 16,25 | 23,25 | 24,75 | 23,75 | 22,50 | 22,25 | 20,45 |
| Moyenne des dossiers par agent | 58,52 | 38,84 | 33,54 | 34,95 | 36,17 | 36,27 | 38,97 |

| | |
|---|---|
| 20,45 | > 3,6 Agents ± 20 Dossiers |
| | > 16,85 Agents > 40 Dossiers |




Et sief bemierkt, dass no der Ukënnegung vun der Reform vum Jugendschutzsystem, deen eng nei Opdeelung vun de Missiounen an Tâchen vum SCAS virgesäit, en Deel vun de Mataarbeschter vum SCAS bei den Office national de l'enfance (ONE) eriwwer gewiesselt sinn.

3. Wéi laang Zäit hunn d'Mataarbechterinnen a Mataarbechter an der Moyenne fir den Traitement vun engem Dossier?

   An der Sektioun vun den Enquêtes sociales ass den Delai fir en Dossier ze traitéieren ënnerschiddlech laang. All Dossier mat deem d'Sektioun chargéiert ass, gëtt fir d'éischt evaluéiert a kritt en „degré d'urgence“ zougedeelt.

   D'Urgencen (degré élevé), souwéi d'Kanner déi ënner 4 Joer al sinn hu Prioritéit a gi bannent 2 Deeg traitéiert an teschend 2 an 3 Wochen um SCAS clôturéiert.

   Degrés moyens a faibles ginn encodéiert an no engem Prioritéits Klassement verdeelt. Et kann deemno teschent 6 an 9 Méint daueren bis den Dossier ugefaange gëtt.

   D'Sektioun befaasst sech och mat de Rapporten vun den Evolutiounen, déi op 3-6-9 Méint oder 1 Joer vum Jugendriichter-Parquet-Jeunesse, fixéiert sinn.

   Ass den Agent mam Dossier chargéiert, hëlt en sech déi noutwenneg Zäit fir all d'Informatiounen ze sammelen fir en detailléierten an objektiven Rapport verfaassen ze kënnen. Dauer vum Traitement hänkt vu ville Facteuren of : Zuel vun de Kanner, Komplexitéit vum Dossier, d'Recherchen déi gemaach musse ginn, d'Unzuel vun den Demarchen, Disponibilitéit vun de Clients an de Professionellen....).

   An der Sektioun vun den Assistances éducatives ass et net méiglech eng Zaïtdauer unzeginn. Den Dossier bleift esou laang op bis de Jugendriichter eng Clôture ausschwäetzt, dat am Fall wou d'Situatioun vum Mannerjäregen sech verbessert huet, keng Geforequell méi besteet an déi fixéiert Konditiounen erfëllt sinn.

   Wunnt de Client net méi zu Lëtzebuerg oder kéint de Mannerjäregen an eng Institutioun, bleift den Dossier “en suspens”.

   Den eelsten Dossier un deem nach geschafft gëtt ass vun 2006.

4. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Aarbecht vum SCAS esou ka mat der néideger Suergfalt gemaach gin? Wa nee, wat fir Ännerunge gesäit si konkret vir?

D'Mataarbeschter vum SCAS schaffe mat groussem Engagement a leeën déi néideg Suergfalt am Kader vun hirer Aarbescht un den Dag.

Fir hir Mataarbeschter optimal z'encadréieren, stellt de SCAS jonke Mataarbeschter Tuteuren zur Säit. Gläichzäiteg gi Formatiounen organiséiert fir d'Mataarbeschter z'encadréieren. De SCAS gräift och en cas de besoin op extern Servicer zeréck.

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson